N°156
Entrée le 02.02.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Finances

**Äntwert vum Här Finanzminister Gilles Roth op d'parlamentaresch Fro n° 156 vum 9. Januar 2024 vum éierbaren Deputéierten Sven Clement**

D'Kontrollen am Douanesberäich um Flughafe gi vun der « Unité Contrôles sécuritaires — Contrôles aéroportuaires » assuréiert. An dëser Unitéit besteet aktuell fir de Beräich vun der "Arrivée Passagers" een dediéierte Pool vun 18 Beamten, déi vereedegt sinn. Doriwwer eraus ginn et 4 Beamten, déi de Stage fäerdeg hunn an op hier Vereedegung waarden a 4 Stagiairen, déi viraussiichtlech Ufank 2025 wäerte mam Stage fäerdeg ginn.

Den Dispositif op de jeeweilege Schichte ka jee no Prioritéiten, Flugpläng a Méibelaaschtung opgedeelt an ugepasst ginn, dëst jeeweils mat engem Maximum vun 2 Stagiairen pro Schicht.

Op der Arrivée konnten an der Vergaangenheet d'Schichten ëmmer assuréiert ginn. Dëst verhënnert net, dass d' "Unité Contrôles sécuritaires — Contrôles aéroportuaires" am éischten Trimester 2024 duerch nei vereedegt Beamte verstäerkt wäert ginn. Dës Rekrutementer sinn 2022 ugaangen a wäerten och am Pool "Arrivée Passagers" eng quantitativ zousätzlech Opstockung vum Personal um Findel duerstellen.

Den Dispositif op de jeeweilege Schichte vum Pool "Arrivée Passagers" ass flexibel a kann och kuerzfristeg, wann de Besoin besteet, mat Beamten aus anere Servicer operationell verstäerkt ginn.

Ufanks, a wéi bei all neiem Drëttlandsvol üblech, goufe méi Leit op d'Schichte "arrivée / départ" vun den Drëttlandsvolen aus China gesat. Aktuell ass festzehalen, dass et wéinst dem Drëttlandsvol aus China kee Besoin gëtt fir Beamten aus anere Servicer ofzezéien, fir se op de Flughafen ze affektéierten.

Fir den noutwennege Renforcement beim Effectif maachen ze kënnen, huet d'Douane, dem "Accord relatif au temps de travail et de repos dans l'Administration des douanes et accises" aus dem Joer 2022 entspriechend, d'Zouso bis 2030, niewent den Ofgäng an d'Pensioun, netto all Joer 10 nei Recrutementer virhuelen ze kënnen. Dëst fir d'Missiounen, déi ëmmer méi breet gefächert ginn, och an Zukunft kënnen an de beschtméiglechen Conditiounen ze erfëllen an ee Service 24/7 ze garantéieren.

Lëtzebuerg, de 2. Februar 2024

De Finanzminister

(s.) Gilles Roth